ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/03/2023

Rapport vun der 3. Alter-Kommissioun

01/2023 – 20.02.2023

Presenzen

Present	Net present
KOEDINGER Robert	MATHEKOWITSCH Claude (excusé)
RUEF Seth	WELTER Isabelle (excusée)
RUEF-VOGT Liselotte	
SCHARLÉ Corinne	
VOSMAN-KIEFER Diane	
BISENIUS Jean-Claude - Schäffen	

Ordre du Jour

1. Approbatioun vum Rapport 06/2022
2. Organisatioun Kinoausfluch an/oder nächsten Ausfluch 2023
3. Divers
4. Nächst Versammlung

Punkt 1 : Approbatioun vum Rapport 06/2022

- Approbatioun vum Rapport 6/2022 --> OK fir offiziell op de Site vun der Gemeng ze veröffentlechen

Punkt 2 : Organisatioun Kinoausfluch an/oder nächsten Ausfluch 2023

Verschidden Iddien goufen zeréckbehalen:

- Claude sicht een Datum eraus fir nach eemol mat der Marie-Astrid ze fueren
- Roby freet no fir an de Kinoler, den 19. Mee 2023 um 15h00?
    - Seth huet 3 Filmer erausgesicht:
        - Mach dein Ding – Udo Lindenberg Biographie

Helperknapp, 02/03/2023

- Ballon – le vent de la liberté
- Goodbye Lenin

Punkt 3 : Divers

- An noer Zukunft (Datum ofhängeg vun den administrative Barriären) soll een Centre-médical op Téinten an déi al Schoul kommen -> Grupp vu 4 Dokteren wäerten sech demnächst do installéieren
- Intergenerationelle Projet am Thille-Lach, Wiss hannert der aler Schoul zu Téinten
  - Jonk Léit di encadréiert soll ginn --> Projet de vie op 3 Joer limitéiert
  - eeler Léit zesummen an engem Projet "Betreit Wunnen" -> evtl. och just op 3 Joer limitéiert?
  - 8-12 jonk Léit am Alter tëschen 15 bis 29 Joer & 8-12 eeler Léit ab ..... mat idealerweis enger minimalistescher Fleegebedierftegkeet
  - Encadréiert vun Educateuren an engem Projet vun informaler a non-formaler Bildung
  - Finanzement:
    - Subsiden iwwert de Familljeministär / Educatiounsministär / Gemeng
    - Wiss hannert der Schoul gehéiert der Gemeng an do kéinten d'Léit sech op 100 Joer akafen
  - Evtl. Träger sinn all di grouss Associatiounen di an dësem Beräich täteg sinn --> sinn all vum zoustännegen Burö d'Etudes ugeschriwwe ginn
- 3. Alter-Kommissioun ass der Meenung dat bei dësem Projet folgend Institutiounen missten mat agebonne ginn:
  - Zesummen mat engem respektiv puer Lycéeën schaffen fir déi schoulflichteg Kanner – normale Lycée & Erwuessebildung
  - Zesummeschaffen mat ADEM / BITZ -> fir all di Jugendlech di eventuell an engem Aarbechtskontrakt kéinte sinn/kommen
  - Divers Ministären: MENJE / Ministère de la famille / Ministère de la digitalisation / Ministère de la justice (fir d'Kannerbetreiung)
- 3. Alter-Kommissioun soll evtl. zu gegebenem Zäitpunkt een Avis zu de Projeten vun den Trägeren, der Struktur an dem Organigram ofginn

➔ Prinzipiell approuvéiert 3.Alter-Kommissioun de Projet vum "Betreit Wunnen", Integratioun an Inklusioun vun ëlere Léit an der Gemeng an an d'Gemengeliewen, esouwuel wéi een intergenerationnelle Projet. Een définitiven Avis kënne mir awer réischt dann ofginn, wa mir méi konkret Informatiounen zum Projet a vun den Trägeren hunn.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 02/03/2023

Punkt 4: prochaine réunion

- **Ordre du jour:**
  - Approbatioun vum Rapport 01/2023
  - Ausfluch Kinoler
  - Ausfluch Marie-Astrid
  - Divers
- Mir treffen ons de **Dënschden, 25. Abrëll 2023 um 19h00 um Lëtschert**